Helperknapp, 10/10/2024

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 27 September 2024

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| PINTO Toni | BOCK Stefanie (entschëllegt) |
| VOSMAN-KIEFER Diane | DOEMER Patrick (entschëllegt) |
| WETZEL Mike | LEROY Michelle (entschëllegt) |
| WIRTZ Sandra | CINCIS Patrick (entschëllegt) |
| MEYER Louis | |
| REDING-SCHARLE Corinne | |
| MANGEN Paul (Invité) | |

## Punkt 1: Avis Schäfferot

Kulturkommissioun hat am leschte Rapport gefrot fir dass de Schäfferot an des Sëtzung kéint komme fir des Sujeten ze klären. De Schäfferot ass an dëser Sëtzung duerch de Buergermeeschter Mangen vertrueden. D'Schäffen Baus an Splicks waren entschëllegt an konnten net deelhuelen.

**Chrëschtmaart zu Bruch**

D'Kulturkommissioun kontestéiert den Avis vum Schäfferot vu Februar 2024 an ass der Meenung dat all Veräiner aus der Gemeng d'Méiglechkeet sollte kréie fir um Chrëschtmaart deel ze huelen.

De Paul ass bereet dat d'Gemeng d'Veräiner all uschreift an nofreet op Interessi vu Säite vun de Veräiner besteet. Da kéint fir d'Editioun 2025 de Chrëschtmaart zu Bruch fir all Veräiner opgemaach ginn

Bei enger grousser Demande kéint de Chrëschtmaart iwwer zwee Weekender goen, dat all kéiers vu Freides, Samschdes a Sonndes, sou dass Veräiner sech géingen ofwiesselen.

Helperknapp, 10/10/2024

**Kleeserchersfeier**

Punkto de Virschlag vun der Kulturkommissioun erëm eng Feier fir de Kleeschen z'organiséieren, mengt de Paul dat dëst aus organisatoresche Grënn ze komplizéiert ass an dofir déi aktuell Form bestoe sollt bléiwen.

**Mérite du Bénévolat**

D'Kulturkommissioun hat virgeschloen eng Eierung vu Persounen di am Beräich Bénévolat aktiv sinn z'organiséieren. No Erklärunge vun de Membere vun der Kulturkommissioun an no enger Diskussioun mam Paul, seet hien sech bereet dëst am Schäfferot virzeschloen.

D'Kulturkommissioun krut follgenden Optrag:

- ee Reegelwierk ausschaffe mat de Krittären déi eng Persoun erfëlle muss fir am Beräich Benevolat geéiert ze ginn
- ee Bréif opstellen deen un d'Veräiner sollt goe fir dat si ënnert hire Memberen déi Léit nominéieren di laangjäreg aktiv am Veräi benevoll schaffen (méi wéi 10 Joer)
- een Dag fir d'Eierung virschloen z.B.  Nationalfeierdag

**Bam Planzaktioun**

d'Kulturkommissioun erkläert wisou si sech net weider an dëser Aktioun bedeelege wëllt. Et gouf proposéiert dat eventuell « Natur & Ëmwelt » dës Aktioun kéint iwwerhuelen. De Schäfferot iwwerleet sech déi nächst Schrëtter

**Visitt vun de kulturelle Sitten an der Gemeng**

d'Kommissioun mécht eng Demande un de Paul fir d'kulturell Sitten vun der Gemeng zesumme besichen ze goen. Weider Kommissioune kéinten sech mat un dëser Visitt bedeelegen.

Kulturkommissioun kruten den Optrag d'Siten déi besicht sollen ginn opzeschreiwen, Datume virzeschloen a ween nach deelhuele sollt.

Helperknapp, 10/10/2024

**Entent Helperknapp**

Kulturkommissioun hat proposéiert eng *Entente Helperknapp* fir Veräiner ze grënnen, déi si a verschidde Punkten ënnerstëtze kéint. Dës Propositioun vun der Kulturkommissioun wier falsch verstane ginn an dofir refuséiert.

Kulturkommissioun krut den Optrag:

- een Datum vir eng Versammlung mat de Veräiner an der Koll zu Bruch ze proposéieren
- Wat sollen d'Funktioune vun dëser  Entente sinn? Opzielen an de Veräiner erklären
- Zesumme mat de Veräiner kucke fir dat Datume vu Manifestatiounen sech net iwwerschneiden an de Manifestatiounskalenner zesumme mat alle betraffe Veräiner kéint geplangt ginn

Gemeng géif och de Bréif fir d'Veräiner iwwerhuelen, mat der Aussicht fir eng Entente ze grënnen.

## Punkt 2: Avis de classement

Kulturkommissioun ass vun der Gemeng gefrot gi fir dréi *Avis de classement* vun archeologesche Sitten ofzeginn.

- Camp retranché Buerggruef, den am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektioun TD am Mariendall ënnert da Nummer 30/358 agedroen ass an da Naturverwaltung gehéiert souwéi de Nummeren 42/409, 21/0 an 31/327 agedroen ass, an dem Finanzministère gehéieren.
- Camp retranché Helperich, den am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektioun BA zu Béiwen-Atert ënnert de Nummeren 1485/3107, 1489/1791  an 1491/3109 agedroen ass, an der Gemeng Helperknapp gehéieren.
- Camp retranché Schwarzschanz, den am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektioun TA zu Huelmes ënnert de Nummeren 609/1255, 607/0, 609/715 an 609/718 agedroen ass, an dem Staat gehéieren.

Kulturkommissioun schléisst sech den dräi positiven Avise vun der *Commission pour le patrimoine culturel* («COPAC») un. Weider Detailer stinn an den Avisen vun der Kulturkommissioun, déi och un Gemeng ginn.

Helperknapp, 10/10/2024

## Punkt 3: Site um Helperknapp (Helpert)

D'Kommissioun freet Gemeng op de Site Helpert um Helperknapp an ee besseren Zoustand ka gesat ginn. Heizou gehéieren:

- De Buedem vum Bur de net méi an der Réi ass.
- D'Kapell déi Rees an de Maueren huet.
- D'Séilen vum Kräizwee déi staark verwittert sinn.

## Punkt 4: Léierpad am Fënsterdall

De Léierpad am Fënsterdall de vum net mei aktiven Syndicat d'Initiative Béiwen opgebaut ginn ass, ass net mei an engem optimal Zoustand.

D'Kommissioun proposéiert dat d'Schoul Helperknapp zesumme mat der Feldweekommissioun een néie Projet ausschafft.

## Punkt 5: Divers

D'Kommissioun proposéiert dat d'Musekschoul, Maison Relais an Kommissioun Natur an Ëmwelt en Sang a Klang Pad ausschaffen kéinten fir an de neie Park bei der Schoul zu Bruch.

## Punkt 6: Nächst Versammlung

Déi nächst Sëtzung fënnt de 4. Dezember 2024 um 18h30 an der Bricherstuff statt.